N°581
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 581 vum 5. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Huet d'Regierung déi genannten Etude zur Kenntnis geholl?*
*Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus der Etude vum EMCDDA?*

Mir verweisen op d'Äntwert vun der parlamentarescher Fro N°526 vum 25. Mäerz 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo an Här Dan Biancalana.

*2. Wéi eng Roll spillt de Verkaf vum medezineschem Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?*
*Wéi vill medezinesche Cannabis gouf am Joer 2023 verkaf a wéi een Taux u Réckstänn an den Ofwässer géif sech doraus schätzungsweis erginn?*

*3. Wéi eng Roll spillt de recreative Gebrauch vu Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?*
*Wéi héich ass schätzungsweis den Taux u Réckstänn an den Ofwässer, déi sech net duerch d'Zuele vum Verkaf vum medezinesche Cannabis erkläre loossen?*

Et ass net méiglech d'Metabolite vu medezineschem a rekreativem Cannabis am Ofwaasser ze differenzéieren.

Am Joer 2023 goufen insgesamt 382 kg gedréchent Cannabis-Bléie verkaaft am Kader vum *Programme Cannabis médicinal an* 2,023 Flacone Cannabisueleg (43.975 ml). Op Basis notamment vun dësen Donnéeën, huet den LNS op Nofro eng Estimatioun gerechent wat de respektiven Undeel vun de Réckstänn vu medezineschem Cannabis kéint duerstellen.

Bei dëser Approximatioun kënnt eraus, dass ongeféier 8% vun de Metaboliten déi am Ofwaasser 2023 zu Lëtzebuerg fonnt gi si vum Konsum vu medezineschem Cannabis kéinten hier stamen, an deemno 92% vum rekreative Konsum vu Cannabis.

Déi Resultater sinn awer mat grousser Virsiicht ze genéissen, well se op Extrapolatioune baséieren an een zum Beispill och net weess ob dee medezinesche Cannabis dann och tatsächlech zu Lëtzebuerg konsuméiert gouf, respektiv seng Metaboliten an den Kläranlage gelant sinn. Och ass net gewosst ob d'Resultater vun den dräi bedeelegte Statioune representativ si vir d'ganzt Land.

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez